

**Avis de la Commission consultative des Droits de l'Homme sur
le projet de loi 7521 portant approbation du Protocole P029 de l'Organisation
internationale du Travail relatif à la Convention sur le travail forcé**

Présentation de Mme Anamarija Tunjic, juriste

I. Gesetzesprojekt

Obwuel de Protokoll wichteg Moosnamen virgesäit, déi de Moment an der lëtzebuerger Politik a Gesetzgebung am Kampf géint Zwangsarbeit nach feelen, muss d'CCDH leider feststellen datt d'Auteurs vum Gesetzesprojekt sech dorop limitéieren existent Mesuren ze erwänen ouni Gesetzesännerungen oder aner Mesuren déi an dësem Beräich geplangt wäeren ze erwänen. An dësem Kontext freet d'CCDH sech firwat d'Regierung sou laang gebraucht huet fir e Gesetzesprojekt op den Instanzeweeg ze bréngen, deen een eenzeggen Artikel huet an e Protokoll, deen schonn vun 2014 ass, approvieren soll.

Beim Gesetzesprojekt läit en "tableau de concordance" dobäi, deen et erlaben soll ze gesinn wéi eng nationaler Texter an Mesuren déi verschidden Dispositiounen vum Protokoll ëmsetzen. Dësen Tableau verweist op eng Rei Gesetzer an virun allem op den nationalen Aktiounsplang géint de Mënschenhandel, deen schonn 2016 ugeholl gouf. Am Géigesaz zu den Auteurs vum Gesetzesprojekt ass d'CCDH awer der Meenung, datt dësen Aktiounsplang keng konkret Moosname virgesäit fir den Mënschenhandel an der Aarbechtswelt, an dorënner eben och Zwangsarbeit, ze bekämpfen.

II. Analyse vun den Dispositiounen vum Protokoll

Bei der Analyse vun den Dispositiounen vum Protokoll vun der OIT hunn mir eng Réi Problemer festgestallt op déi ech am Laf vun der Präsentatioun agoen wäert.

1. Am 1. Paragraf vum éischten Artikel vum Protokoll steet Folgendes: « *tout Membre doit prendre des mesures efficaces pour [...] prévenir et éliminer l'utilisation [du travail forcé], assurer aux victimes une protection et un accès à des mécanismes de recours et de réparation appropriés et efficaces, tels que l'indemnisation, et réprimer les auteurs de travail forcé ou obligatoire.* »

D'Mënscherechtskommissioun ënnersträicht an dem Seen wéi wichteg effektiv, proportionéiert an dissuasiv **Strofen** sinn. D'Strof déi geschwat gëtt schéckt e kloren Message un den Täter, an gläichzäiteg och un d'Affer. Et geet drëm der Gravitéit vun dësem Crime Rechnung ze droen an déi seriéis Violatioun vun den Mënscherechter vum Affer unzëerkennen.

D'CCDH stellt awer fest, dass säit 2015, bei quasi all Condamnatioun am Beräich Mënschenhandel entweder en integralen oder en partiellen Sursis gesprach ginn ass. Ausserdeem ass an dëser Zäitperiod och keng Schléissung vun engem Betrib gesprach ginn an deenen Affären wou et em Mënschenhandel an der Aarbechtswelt gong.

Wat **d'Entscheidung vun den Affer** ugeet, stellen mir fest, dass d'Montanten déi den Affer zougesprach goufen, weit ënnert deem leien wat vun hirem Affekt gefrot gouf. D'CCDH insistéiert op den effektiven Accès zu enger gerechter Entscheidung an luet Regierung an eventuell Obstakelen ze identifizéieren déi dëst Recht aschränken kéinten.

An dem Kontext, insistéiert d'Mënscherechtskommissioun op **d'Sensibilisatioun an d'Formatioun vun den Magistraten**.

2. Den zweeten Paragraf vum éischten Artikel vum Protokoll gesäit fir dass all Staat muss, an **Zesummenaarbecht mat den Patronatsorganisatiounen an den Syndikater** eng national Politik an en nationalen Aktiounsplang fir de Kampf géint Zwangsarbecht ausschaffen. Am Artikel 6 gëtt drop insistéiert dass all Moosnamen déi an dësem Beräich vun den zoustännegen Autoritéiten geholl ginn, sollen an Koordinatioun mat den genannten Organisatiounen ausgeschafft ginn.

Am Géigesaz zu den Auteuren vum Gesetzesprojet, ass d'CCDH der Meenung, dass den aktuellen Aktiounsplang géint den Mënschenhandel vun 2016 keng spezifesch Mesuren virgesäit fir géint den Mënschenhandel an der Aarbechtswelt ze kämpfen. D'Mënscherechtskommissioun luet d'Autoritéiten an dës Lacunen am nächsten Aktiounsplang, deen am Moment ausgeschafft gëtt, ze léisen.

An deem Kontext, widderhuelen mir nach eng Kéier eis Recommandatioun d'Syndikater un d'Ausschaffen vun konkreten Mesuren an dësem Beräich ze associéieren an se an den Comité de suivi, den all déi relevant Acteuren am Kampf géint den Mënschenhandel versammelt, anzelueden.

3. De zweeten Artikel vum Protokoll ënnersträicht wéi wichteg **d'Education an d'Informatioun vun der Populatioun**, an virun allem den vulnerabelsten Persounen, déi besonnesch riskéieren potentiell Affer ze ginn, ass. D'CCDH begréisst all déi Efforten déi an den leschten Joren vun der Regierung an dësem Beräich gemaach gi sinn an luet dëst an dës Efforten ze intensivéieren.

Sou begréisst d'CCDH d'Sensibiliséierungscampagne vum European Crime Network, déi déi éischt **Sensibiliséierungsmesure** ass déi sech direkt un d'Affer vun Mënschenhandel adresséiert. Mir waarden awer nach ëmmer op d'Brochuren mat Pictogramen déi am Gaang sinn ausgeschafft ze ginn.

Mir bedauern awer dass et bis elo nach keng spezifesch Mesuren ginn, déi d'Employeuren informéieren an sensibiliséieren fir ze vermeiden dass dëst,

bewusst oder unbewusst, an Aktivitäten von Zwangsarbeit verwickelt ginn, an mir lueden d'Regierung an do aktiv ze ginn.

4. Wat den Renforcement von den Services von der **Aarbeitsinspektioun** vom Memberstaat ugeet, deen am Artikel 2 Punkt c) virgesinn ass, begréisst d'CCDH déi Efforten déi an den leschten Joren am Beräich vum Rekrutement an der Formatioun von den Aarbeitsinspekteren von der ITM gemaach gi sinn. Et bleift awer nach ëmmer ganz vill ze maachen.

D'CCDH ass der Meinung dass e Bewosstsinn von der **Roll déi d'ITM am Beräich vum Menschenhandel ze spillen huet** nach stattfannen muss. D'Detektion von potentiellen Affer von Menschenhandel muss an déi global Strategie von der ITM agebaut ginn an d'ITM muss eng proaktiv Approche am deem Beräich unhuelen. Well mer der Meinung sinn, dass dës net wäert ouni eng Interventioun vom Legislatuer stattfannen, recommandéiert d'CCDH der Regierung den Kompetenzberäich von der ITM duerch e Gesetz ze erweidern.

Obwuel d'Auteurs vom Gesetzesprojet uginn, dass d'Inspekteren von der ITM all Indizen un d'Police weiderginn, erënnert d'CCDH nach eng Kéier drun, dass den offiziellen **Statistiken** von der Police no, nach ni en Affer von Menschenhandel von der ITM detektéiert ginn ass. Dofir luede mer déi Responsabel von der ITM an, fir all Situatioun an där dës Institutioun mat engem potentiellen Affer an Kontakt kommen kéint, ob dat bei Kontrollen um Terrain ass oder wann een von hiren Call-Centeren kontaktéiert gëtt, Statistiken opzestellen. Mir erwaarden och dass Statistiken gesammelt ginn von all den Signalementer déi bis elo bei der Police gemaach gi sinn. Méi generell, erënnert d'CCDH nach eng Kéier un eng von hiren Haaptrecommandatiounen am Beräich vum Kampf géint den Menschenhandel : Et muss en System en Place gesat ginn deen et erlaabt fiabel an koherent Statistiken an all Beräicher, déi den Menschenhandel concernéieren, ze sammelen.

Schlussendlech, ënnersträicht d'CCDH nach, dass et immens wichteg ass déi ekonomesch **Secteuren** ze identifizéieren, wou e besonnesch **héischen Risiko von Menschenhandel** besteet. 2017 an 2018 waren dat de Bausecteur, den Transportsecteur an den HORECA. Während all Kontroll muss och op déi verschidden **Risikofacteuren**, déi eng Persoun besonnesch vulnerabel fir Zwangsarbeit an Menschenhandel maachen opgepasst ginn, wéi zBsp : Leit déi illegal am Land sinn, Saisonsarbeit, Interimsarbeit oder och Leit déi an engem Stot schaffen.

5. Am Punkt e) vom zweeten Artikel vom Protokoll gëtt och op d' "**dilligence raisonnable**" insistéiert, dat heescht dass all Entreprise muss eng intern Prozedur hunn fir eventuell Risiken von Zwangsarbeit hei zu Lëtzebuerg oder am Ausland ze identifizéieren, se ze evitéieren an am Fall wou, d'Affer ze entschiedegen. Dës Obligatioun gëllt souwuel fir den privaten wéi och den öffentlechen Sacteur.

D'CCDH stellt fest dass den éischten nationalen Aktionsplang « **Entreprises et droits de l'Homme** » Formatiounen an Sensibilisierungsmaassnahmen am

Beräich vum Mënschenhandel virgesinn hat, mee bedauert dass den 2ten Aktiounsplang, deen d'Joren 2020 bis 2022 ëmfaasst, keng spezifesch Mesuren an dësem Beräich virgesäit. An dësem Kontext plädéiert d'CCDH fir eng Gesetzgebung zum "devoir de vigilance". Mir sinn der Meenung dass eng contraignant Gesetzgebung, begleet vu fräiwëllegen Moosnamen, et géif erlaben d'Patronen ze responsabiliséieren wann et ëm hier Verpflichtung geet fir Mënscherechtsverletzungen, wéi Zwangsaarbecht an Mënschenhandel, ze vermeiden. An dësem Sënn fuerdert d'CCDH d'Regierung op en effektiven Kontrollmechanismus opzestellen fir sécherzestellen datt d'Regierung, duerch hir wirtschaftlech a finanziell Bezéiungen, net Entreprises ënnerstëtzt déi, entweder fräiwëlleg oder onfräiwëlleg, zu Zwangsaarbecht an Mënschenhandel bäidroen. Dofir encouragéieren mer d'Regierung déi Entreprises ze favoriséieren déi e groussen Wäert op ethesch kommerziell Bezéiungen leeën.

6. Zum Schluss, fuerderen mer d'Regierung op konkret an effektiv Moosnamen an déi néideg gesetzlech Modifikatiounen virzegesinn, déi et erlaben géifen d'Efforten am Kampf géint Zwangsaarbecht ze stäerken.